***Alle Jahre wieder*: Wéi Dir jo all wësst fueren mir bei de Scouten nëtt nom Kalennerjoer, mais nom Scoutsjoer, dat sëch um Schouljoer orientéiert. Mein Apercu z'Joert fir déi ausgefallen Generalversammlung 2021, hat mat der Summervakanz 2020 opgehal. Duerfir wëll ëch Iech elo hei, an der nämlechter Logik, en Iwerbléck ginn, iwert d'Aktivitéiten vun eisem Grupp am Scoutsjoer 2020/2021.**

## D'Scouts-Joer 2020/2021 bei de Scouten St. Martin Duelem

- Nodeems déi ganz 6 läschter Méint vun der Coronapandemie an domat verbonnene Restriktiounen gekennzeechent war, hat de Summer insgesamt eng méih positiv Entwécklung kannt, an d'Hoffnung oder d'Illusioun war grouss, nees am Scoutsbetrieb zu enger gewësser Normalitéit zeréckzefannen.
- Daat neit Scoutsjoer goung un mat enger grousser **Botz a Raum Aktioun am Home** mat der eng Retsch Cheffen an Albatrosssen den Home fir déi nei Saison entrümpelen wollten. Duerfir haten sie sech Samsdes den 19te September am Home RV ginn. En décken Unhänger voll Gemëlter gouf op den Fréisenger Recyclage bruecht, a vill Ecken vun eisem Home koumen fir d'éischt zanter Laangem mat enger Biischt oder engem Torschong a Kontakt. D'Resultat konnt sech weisen, an drop huet d'Botzéquippe sech owends virum Home mat enger klenger Grillade belount.
- Samsdes de 26ten September 2020 war an a beim Home nees vill lass. Fir Moies hate mir neie Kanner déi bei d'Scouten wollten , eng Invitatioun fir eise **Schnupperdag 2020** zoukommen gelooss. Mat Mask, dobaussen an mat desinfizéierte Fanger goung dësen, fir eis ganz wichtegen Daag vun Erneierung erfollgreich iwert d'Bühn, an trotz de komeschen Zeiten hate mir owends eng ganz Reih nei Nimm op eise Lëschten.
- Dee selwechten Owend hate sech 8 ernannte Cheffen am Home RV gin, fir vun do aus den **1ten LGS-Online-Kongress** mat ze erliewen. 2 Teams stoungen bereet fir d'Chargen vun CG a CG adjoint nei ze besetzen, an domat war eng spannend a wichteg Wahl ze bestreiden. Nett nëmmen d'Technik vum Verband huet eis Gedold äussert strapazéiert. Mir hun bei der Gelegenheet och bemierkt, dass eisen Internet am Home guer nett méih géif fonctionnéieren. Mat eegenen Hotspotts an e puer Glieser Ricard hu mir desen Owend awer zu engem, positiven Enn bruecht.
- Den 3ten Oktober an 10ten Oktober 2021 war **Montée vun de Biber bei d'Wëllef** Wéinst de Covid-19 Mesuren, déi mir vum Verband imposéiert kruten, huet missten Montée a méih klenge Gruppen op 2 Weekender verdeelt ginn.
- Fir dem Coronagespenst aus de Féiss ze bleiwen, an awer mol nees eng flott Scoutsaventure ze erliewen, hu sech **d'Avex** den 20.10.2020 RV gin fir Nuets en **Halloween-geocache-tour** an de Bëscher ze maachen. Am daischtere Bësch nuets

ass schon soss naischt fir schwaach Nerven. Mais wann dann och nach vun Halloween an deem Emgeréits riets geet, dann ass ee gären no bei de Frënn am Grupp ënnerwee.

- Obwuel um letzebuerger Covidhimmel am spéiden Hierscht ëmmer méih daischter Wolleken opgezu sinn, hu mir em den 10ten November eis Flyer'en fir d'Adventskranzaktioun 2020 an d'Bréifkëschten vun der Gemeng bruecht.
- Den Home-Office, eent vun de Schlagwieder 2020, huet och virun eis Scoutscheffen nett Halt gemacht. Esou huet de Carlo Freides den 13ten November 2020 un **enger VideoFormatioun** iwert déi erneiert Software fir den LGS-Membersfichier deelgehollt.
- Ab dem 23ten November hu sech dun ofwiesselnd Equippen zu 2 Leit am Home getraff, fir déi éischt **Adventskränz** färdeg ze maachen, déi schon virum WE sollte geliwwert gin. Dëst Schaffen a klengen Equippen ass dunn bis Samsdes moies weidergang. Flott war, dass mir du Samsdes den 28ten November eng Reih Frënn aus Amicale,Albatrossen an Cheféquippe dohaten, fir déi fäerdeg Kränz am Respekt vun den sanitäre Viirschreften, schnell bei d'Leit ze bréngen, während d'Kanner fix RV-Zeiten kritt haten, fir selwer, mat minimalster Cheffpräsenz, deen Adventskranz selwer ze maachen, deen fir hir Famill bestallt wor. Esou hu mir dee markante RV am Scoutsjoer gudd iwerstaan. Es asss kee krank ginn, an eis Kees huet en ordentlechen Input kritt, waat no Ausfall vun der Kirmes och keen Fehler war.
- An dunn huet Kreschtdag als nächst Etappe gewénkt. Coronabedéngt war och hei villes a Fro gestallt, waat eis eng léif Traditioun ginn ass. Glécklecherweis huet d'ORF et nett ënnerlooss, „auch heuer wieder" eng Flaam zu Betlehem an der Gebuertskiirch ufänken ze loossen an op Salzburg ze bréngen. Iwert déi daitsch Scouten vun der DPSG koum **d'Friddensliicht vu Betlehem** och dest Joer via Perl op Lëtzebuerg. Esou konnten de Stan an de Carlo Samsdes den 19ten Dezember, dest staarkt Symbol, zu Sandweiler um daitschen Militärkierfeg fir Duelem an Empfang huelen. Elo war schon emol een Deel vun eisem klasseschen Hellegowendprogramm gerett.
- Well de Paschtouer op der Sich no engem Monteur fir **d'Duelemer Krëppchen** war, hat hien sech un de Carlo adresséiert. A well déi aktuell Duelemer Krepp largement op daat zeréckgeet, waat de Jang Langehegermann 1995 mat vill Häerzblutt mat eisen deemolegen Carapio opgeriicht hat, louch de Gedanken no, emol d'Albatrossen ze froen, ob sie nett wéilten dess Charge iwerhuelen. Nett zouläscht mat Bléck op déi Tatsaach, datt mir nach e puer vun deenen anciens combattants aktiv an eise Reihen hun, déi virun 25 Joer dess Krëppchen gebaut haten. An tatsächlech huet sech eng kleng Equippe fonnt, dorënner 2 vun deenen, déi 1995 schon matdobei gewiecht waren. Esou konnte mir Méindes den 21ten Dezember 2020 owends eng kleng Equipe vu Leit zesummenbréngen, déi fir Duelem d'Krëppchen an der Kiirch mat vill Engagement opgeriicht hun.
- A scho war et **helleg Owend**. Mettes um 14:00 Auer hun sech erfreelecherweis esou vill Cheffen a Scouten beim, Home afonnt, dass mir an 5 Equippen konnten ausschwärmen, Fir mam **Friddensliicht vu Betlehem** e Message vun Hoffnung a Léift bei Leit heem ze droen, déi mir selwer kannt hun, oder déi eis vun aneren fir

esou een Besuch unempfuelen gi waren. Ugefang hun mir, wéi all Joer, zu Syren um Graf vun eisem verstuerwenen Scoutsbrudder dem Sébastien Machtelinckx, wou mir déi 1 Kärz hannerlooss hun. Bis halwer 6 haten mir weit iwert 60 Haiser mat eisem Besuch beduecht, an do eng Käerz mat der Flaam vu Betlehem, dem Symbol fir de Jesus, deem seng Gebuert mir deen Daag gefeiert hun, hannerloos. Méih Remerciement'en, wéi soss déi Joeren déi mir nodréiglech kritt hun, hun eis gewisen, dass mir dest Joer en Nerv getraff haten, a vill Leit wirklech frouh waren, vun Hoffnung a vu Liicht ze héieren.

- Direkt anschliessend ass et nach virungangen. An der **Metten**, déi alt nees duerch Covid staark angeschränkt war, hate mir Scouten awer eng gréisser Roll gespillt. Nett nëmmen hu mir d'Animatioun iwerhollt fir den Ausfall vun engem réelle Kreppespill, mat techneschen Moyen'en ze iwerbrécken. Et hu sech och 3 Leit aus eise Reihen fonnt, déi eng life-Bildbespriechung zum Thema Kreschtdag, ganz eindrucksvoll viirgedroen hun, an domat e wéineg Liewen an Normalitéit zeréckbruecht hun. An zum Ofschloss hu mir eis et net huelen gelooss, de Leit eng grouss Kärz mam Friddensliicht vu Betlehem mat heem an hir Haiser ze ginn. Souzesoen als Verbindung tëschend hinnen , eis a Milliounen aneren Mënschen déi dëst Symbol fir eis Erléisung opgehollt haten.
- De 16te Januar 2021 haten eis **Wëllef** eng déi läscht Joeren seelen Gelegenheet. Et war Wanter, et war Samsdeg, also Versammlung, an et louch emool nees Schnéi op der Scoutswiss. Daat hu sech Cheffen a Kanner nett entgoen geloss. Mat vill Freed gouf et mol nees eng **Spillversammlung am Schnéi** mat allem waat derzou gehéiert. Et braucht heiansdo net vill fir sech gudd ze amuséieren.
- Eigentlech hate mir bei der Gemeng, fir Denschdes de 26. Januar 2021 eis **Generalversammlung 2021** ugemelld. Mais et sollt nett sinn. De blöde Virus hat nees ganz strikt Restriktiounen néideg gemacht, an esou ass eis Generalversammlung an d'Waasser gefall. E Versuch, se online ersatzweis ofzehalen, ass aus technesche Grënn am Versuchsstadium hänke bliwwen.
- Während der ganzer Zeit vu Wanter bis an de fréie Summer sinn d'Versammlungen vun de meeschte Branchen weidergelaaf. Ennert dem Respekt vun de légale Preskriptiounen, wéi Outdooraktivitéiten, alternéeiernden klenge Gruppen a Masken wou daat néideg war, mais et goung virun. Daat huet natiirlech vill méih Arbecht an Organisatioun néideg gemacht wéi virun der Pandemie. Eis Chefféquipe huet hei Preuve vu groussem Courage an Dévouement gemacht. All Respekt duerfir.
- Alles war deser Deeg duerch Corona anescht a méih komplizéiert wéi gewinnt. Och esou gudd aal Traditiounen wéi d'Muttergottesoktave hun no neie Léisungen verlaangt, fir kënnen irgendwéi beibehalen ze ginn. Wéinst der Pandemie war d'Biber a Wellefsandacht an der Stadt op Eis geluecht gin. Duerfir hu mir eis eegen **Oktav-Andachten** an der Duelemer Kiirch organiséiert. Samsdes de 24ten Abrëll mat de Wëllef, an 2 Wochen drop, den 8te Mee mat de Biber. Eng komplett Oktave en miniature, mat Veillée mat Gesang an Explicatiounen an der Kiirch, eng kleng Prozessioun am Paschtoueschgaart bei eng Muttergottesstatue, an ofschléissend en Ersatzmäertchen mat Grillwurscht , Popcorn a Gedrénks beim

Home hun fir dest Joer eis Verbonnenheet mat engem ale letzebuerger Gebrauch waakrech gehalen.

- Fir de 24ten Abrëll 2021 hat D'Equipe vum Verband nees fir de **BiberMud** op den Neihaischen invitéiert. Normalerweis ass dëst eng Art Kiirmes fir Biber. Dëst Joer wuar et en bëssen aanecht. Biber équipe haat sech e Rallye afaalen gelooss, fir d'Gruppen getrennt ze halen, an domat de Covid-19 Mesuren gerecht ze gin.
- Och de **Pélé des jeunes 2021** huet mussen nei erfonnt ginn. De Couvre feux hat et jo verbueden, dass mir nuets an d'Stadt konnte pilgeren, wou awer moies wéi gewinnt em 7:15 Sondes de 25.04.2021 d'Pélésmass stattfannen sollt. Also si mir kurz no 6:00, do war et nees erlaabt, mam Auto an d'Stadt gefuer fir un der Pélésmass deelzehuelen. An dunn hu mir eis Pilgerrees zu Fouss eben no der Mass am Daag gemacht, a sinn de selwechte Wee wéi nuets eben an anerer Richtung aus der Stadt op Duelem gang. Do hu mir eis vum Grill och nach en Ersatzmärtchenfeeling vergonnt, éih mir midd , awer zefridden dem Virus d'Stiir gebueden ze hun, heemgange sinn.
- Antëschend war eis kloer ginn, dass et och 2021 keng **Scoutskirmes** zu Duelem konnt ginn. An och hei wollte mir eis nett komplett dem Virus a sengen Contrainten erginn. Ennert Ausreizen vun allen legalen Méiglechkeeten, e.a. generell Schnelltester fir all Bedeelegter, Limite op 100 Leit an der Kiirch an Unmeldung,, hu mir eis op Christihimmelfahrt, also Donnegdes dem 13te Mee 2021 RV zu Duelem an der Kiirch gin wou mir wéi gewinnt als Scouten eis Kirmesmass gefeiert a gestaltet hun. Duerno hu sech eng Retsch Frenn aus Cheffèquippe, Albatrosse an Amicale, beim Home bereet gemacht, fir e grousse Fousstour duech d'Natur unzetrieden. Eng 12 km Wanderung mat Picnic ennerwee huet eis am Nometteg nees zu Duelem bei den Home geféiert. No enger Retrospektive op de Wee vun den Albatrossen um Camino de Santiago zanter 2012 bis 2020, deen mir eis an der Duelemer Kiirch ugekuckt hun, si mir zereck bei den Home gang wou de Steve a sei Monique fir eis am Freien e super Menu mat ganz vill leckere Saachen, wéi Zopp, feuilleté de saumon a porchetta prépareiert haten. Mir haten e schéinen Daag erlieft, deen sech nees no normalem Liewen ugefiilt hat.
- Sondes de 16ten Mee waren eis Biber nees um Dill. **Simply Scouting um Neihaischen**, war en Daag nëmmen an der Natur deen vum Verband ugebueden an organiséiert gouf. E ganzen Daag Scoutsliewen mat ganz villen flotten Aktivitéiten huet eise Biber vill Freed gemacht.
- Den 29.5 an 30.5.21 woren den Jona an d'Nathalie vun eiser Carapiosbranche op engem Posten zu Miersch fir do beim **Mad**. ( Multi Action Day, dem nationalen rally fir CaraPio) ze hëllefen. Och wa keng Scouten vun eis konnten dobei, sinn, Duelem war awer vertrueden.
- Fir Samsdegs de 5te Juni nomettes hate mir all eis Kräften mobiliséiert, fir eise Wellef eng flott Aktivitéit ze bidden. Et war och dest en Novum, deen aus der Nout vun de Coronarestriktiounen gebuer war. Statt dem traditionelle gemeinsamen **Wellefchesrally** fir all d'Wellefsmeuten aus dem Land unzebidden, haat de Verband déi gudd Iddie, e Rally viirzebereeden, an allen Truppen ze gin, déi en dann fir hir Wellef eléng op hirem Territoire sollten organiséieren. Esou sin eis 2 Coronateams A a B getrennt géint eneen ugetrueden, fir dem Dagobert

Duck ze hellefen, sein **Glückstaler** eremzekréien. No engem Tour vu gudd 7 km duerch de Besch, engen etlechen Epreuven an detektiveschen Aufgaben, haten déi 2 Equipen um Enn de Plang an d'Material zesummen, fir de Glückstaler ze fannen. Aus Dankbarkeet huet den Onkel Dagobert dunn e Badge an eng kleng Grillade spendéiert.

- Um ofgespecktenen **Te Deum**, deen eis Gemeng den 22te Juni zur Feier vum letzebuerger Nationalfeierdaag ausgeruff haat, ware mir dun och mat der homöapatescher Dosis vun den erlabten 2 Delegéierten dobei.
- Samsdes den 3ten Juli hun eis Biber hir Versammlung genotzt, fir mat enger Visite vum **Biodiversum zu Remerschen** hir Freed un der Natur, an hirt Wessen iwert d'Liewen un de Weiheren ze erweideren.
- Vum 02.-04. Juli hun eis **Wëllef** nees wollte wëssen, wéi sech e **Summercamp** ufillt.. Well sie daat Joer wéinst Covid emmer an 2 gruppen gelaaf sin, awer de camp zesummen duerften machen hun sie den Thema : **aus 2 mach 1**" gewielt. Mam Nadine a Rafi als Verstärkung fir déi ausgedënnte Chefféquipe, hun sie sech fir 2 Nuechten zu Bilschdreff am Chalet de l'amitié agenist. Do, war an der schéiner Natur vun der Uewersauer, déi ideal Plaatz, fir am Freien Schéines mat de Frënn ze erliewen.
- Samsdes den 10. Juli waren eis **RaRo** och mol nees aktiv. An deser Branche ass et déi läscht Zeit, aus verschiddenen Ursachen, schwéier fir Leit zesummenzebréngen. Esou waren der deen Daag och nëmmen 3 Leit vun eis ugetrueden, fir zu Réimech un engem **Nuetsrally fir RaRo** deelzehuelen. Trotz dem klengen Effektif, sinn sie nach déi 3 ënnert 13 Equippen ginn. Sie haten Duelem also gudd vertrueden
- No der Réussite vun de Wellef mat hirem Rally, sinn och eis **Biber** nach méih couragéiert gin, an hun zu engem WE mat 2 Nuechten an 3 Deeg invitéiert. Dobei haten sie eng super a ganz nohalteg Iddie. Ennert dem Thema „ **Ricciacus 2021"** hu sie sech emol mat der reichhalteger Geschichte vun Duelem beschäeftegt. Vu Freides dem 16te Juli nomettes bis Sondes den 18te Juli hu sie ganz Villes zum Thema Réimer zu Duelem geléiert an erlieft. Geféiert Visiten am Teater an um Pëtzel, Atelieren, Spiller an esouguer e grousse réimesche Banket a Präsenz vum Julius Caesar krute sie gebueden. Geschloof gouf dobei am Centre Culturel zu Duelem wou méih Plaatz war fir déi sanitär Précautiounen ze respektéieren. .
- Endlech war och fir eis **Avex** den Daag komm, fir nees e richtege Summercamp mat allem waat duerzougehéiert ze erliewen. Duerfir hu sie sech vum 19ten bis den 29. Juli 2021 um Misärshaff afonnt, fir um **Camp-to-go** nom **Duelemer Motto Anti Misär um Misärshaff** matten an der schéiner Landschaft vum Naturpark Uewersauer nees Scoutismus vum feinsten ze liewen an ze erliewen. Sie hu sech naischt geschenkt, mat ganz vill Material a Konstruktiounen op der entleenster Wiss vum Site Misärshaff, war dee Camp kierperlech ganz exigent. Duerfir krute sie vill Aventuren gebueden, vum Duschen am schlo Reen, iwert Kanufueren an Kinosowend. An als Konzessioun un déi aktuell Zeiten stoung all muerges virum Kaffi, *„geselliges Corona-Such-Bohren* in der Nase" um Programm . Ze notéieren bleift dem Philip Lahr sein Accident mam Beil wou hien sech an den Daum gehackt hat, en Ongléck deen hien a seng Famill ganz daper gedroen hun. Mir hun et als

misslongenen Selbstverstümmelungsversuch ofgebucht, well trotz senger Blessur huet de Phillip weider alles matgemacht a matgeschafft.

- An dun, um Enn vum Scoutsjoer ass eis als Grupp nach eng Wohltat widderfuer. De **Luca Dorothea a sei Papp de Carlo** hu ganz professionnel mat Hydrauleschem Spalter **Feierholz** fir d'Scouten gemacht, an en décke Unhänger voll an eisen Holzschapp bruecht. Nodréiglech nach en décke Merci duerfir!
- Als Schlusspunkt vun der Saison 2020/2021 stoung dunn nach eng weider Etappe vun der **Albatrosse Aventure „Rosch Manuel goes Santiago**" um Programm. Vu Freides dem 30te Juli bis Sondes den 8ten August waren nees 6 Leit aus eise Reihen um Tour, fir eisem Ziel, dem Apostelgraaf zu Santiago de Compostella nees e Stéck méih no ze kommen. A 6,5 Daages-Etappen hu mir dest Joer nees eng 150 km weider no Westen um Camino del Norte gemacht. Eise Wee huet eis vun Gernika am Baskeland, wou mir 2019 ukomm waren, bis op Santander a Kantabrien geféiert. No 1735 km déi mir vun Duelem aus bis elo gemacht hun, bleiwen nach eng 562 km ze maachen.
- 
- Esou huet en 2. Scoutsjoer sein Enn fonnt, wou mir duerch d'Pandemie staark gehënnert gi waren, mais wou mir, dank dem Courage an der Flexibilitéit vun eise Cheffen, eise Kanner a Jugendlechen vill flott Momenter gebueden hunn. An daat war ënnert den Zeitëmstänn méih wichteg wéi je. Elo war et Zeit, Hiem a Foullard fir e puer Wochen an de Schaaf ze hänken, an nees Schwonk ze tanken fir eng nei Saison 2021/2022.